



**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Madamm Taina Bofferding, Inneministesch, op d'parlamentaresch Fro n° 6479 vum 13. Juli 2022 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen betreffend kommunale Preventiounscomité.**

**Ad 1)**

Am Joer 2021 goufe vun de concernéierte Buergermeeschtere 17 Comités de prévention organiséiert.

**Ad 2) + 3)**

Zu de Froen 2 an 3 hu weder d'Inneministesch nach de Minister fir bannenzeg Sécherheet Elementer fir ze äntweren.

**Ad 4) + 5)**

Den Artikel 38 vum Policegesetz gesäit d'Grënnung vu « comités de prévention communaux » vir an, dass de Buergermeeschter *membre de droit* ass an dësen och presidéiert. Hie kann och Gemengerotsmemberen an de Comité designéieren.

De Règlement grand-ducal vum 25. Juli 2018 iwwert de Fonctionnement vum kommunale Preventiounscomité a regionale Concertatiounscomité gesäit vir, dass vun all Reunioun ee Procès-verbal gemaach gëtt, deem d'Membere bannent engem Mount musse kréien.

En Informatiounsrecht fir déi Conseilleren déi net Member vum Comité sinn, ass weder vum Gesetz nach vum Règlement grand-ducal virgesinn.

Luxembourg, den 8. August 2022

Le Ministre de la Sécurité intérieure

(s.) Henri KOX